



N°1982
Entrée le 26.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.02.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/02/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

De Prinzip "Nul n'est censé ignorer la loi" gëllt fir jiddereen an ass een Haaptpilier, deen eise Rechtsstaat garantéiert. Natierlech ka kee Mënsch all d'Gesetzer, Reglementer, Circulären oder Geriichtsurteeler kennen.

Et ass essenziell, dass all Bierger:in een Zougang zu dësen Informatiounen huet. Am digitalen Zäitalter, an deem mer sinn, muss dat iwwert den Internet méiglech sinn. Dat gouf mam Gesetz vum 23ten Dezember 2016 concernant le Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg zum Prinzip gemaach an haut ka jidderee Gesetzer a Reglementer op legilux.lu nokucke goen.

D'Geriichtsurteeler vun der Justiz sinn awer hei net alleguerten opgefouert. Fir all déi ganz Jurisprudenz ze fannen, muss een op de Site justice.public.lu nokucke goen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat sinn d'Geriichtsurteeler net alleguerten och op legilux.lu siichtbar?
2. Wäert déi gesamt Jurisprudenz iergendwann och op legilux.lu ze fanne sinn?
3. Wéi eng aner Publikatiounen, wéi zum Beispill Circulären, sinn aktuell net op Legilux ze fannen?
4. An de Geriichtsurteeler gi perséinlech Daten onkenntlech gemaach iwwert eng Pseudonymiséierung. Dëst gëtt zënter 2023 net méi beim Parquet gemaach, mee bei de kompetente Geriichter.
 - Opgelëscht pro Gericht, wéi vill Leit këmmere sech ëm d'Pseudonymiséierung vun de Geriichtsurteeler?
 - Wéi vill Leit ware virdrun (2023) beim Parquet beschäftegt, fir dës Aufgab ze realiséieren?
 - Huet dës Ëmstellung Problemer oder Verspéidunge bei der Verëffentlechung vu Geriichtsurteeler mat sech bruecht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten



www.piraten.lu



www.piraten.lu